



Äntwert vum Minister fir Umwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°2583 vum 9. Juli 2025 vun den éirewäerten Députéierten André Bauler a Luc Emering iwwert de Gesondheitszoustand an d'Restauratioun vun de lëtzebuurger Nolebëscher

1. Wéi huet sech de Gesondheitszoustand vun eise Bëscher an de leschte fënnef Joer entwéckelt?

Den Zoustand vun de lëtzebuurger Bëscher huet sech an de leschte fënnef Joer weider verschlechtert. Dëst weist sech besonnesch bei der héijer an zum Deel nach zouhuelender Unzuel vu Beem déi staark geschiedegt oder ofgestuerwe sinn. Besonnesch betraff sinn d'Nolebëscher, d'Eechen an de Louhecken am Éislek an d'Buchen iwwer d'ganz Land ewech. Vun 2019 op 2024 huet sech den Undeel vun ofgestuerwene Buche vu 7 % op 15 % méi wéi verduebelt.

Insgesamt konnt am Joer 2024 eng liicht Verbesserung vum Gesondheitszoustand vun alle Bamaarte festgestallt ginn, wat awer op dee méi reenerge Summer zeréck ze féieren ass. Dës besser Zuele sollen awer net doriwwer ewech täuschen, datt 4/5 vun all eise Beem Zeeche vu Schied opweisen. Déi vill Drécheperioden vun de leschte Joren hu bei ville Beem Spueren hannerlooss an hir Vitalitéit a Resilienz geschwächt. Dësen Trend vun der Verschlechterung vum Gesondheitszoustand vun eise Beem wäert sech wéinst dem Klimawandel an deenen nächste Jore weider fortsetzen. Ëmmer méi heefeg Drécheperioden, héich Temperaturen a méi Opkomme vu Pathogene wäerten eis Beem ënner Drock setzen a maachen, datt si manner widerstandsfäeg sinn.

2. Wéi vill Fichtenholz ass an de leschten 10 Joer ofgeholzt ginn? Wéi vill Fichtenholz, dat vum Borkenkäfer befall war, konnt nach vun der Holzindustrie verschafft ginn?

An de leschten 10 Joer sinn zirka 1.200 Hektar Fichtebëscher kalgeschlo ginn (Zuelen aus der 3. Nationaler Forstinventur).

De Staat huet keng Zuelen wéi vill Fichtenholz, dat vum Borkenkäfer befall ginn ass, nach vun der Holzindustrie verschafft konnt ginn.

3. Konnten déi ofgeholzte Dännen- bzw. Fichtebëscher nees reboiséiert ginn? A wéi ville Fäll gouf op eng natierlech Reboiséierung zrëckgegraff?"

Wat de Reboisement vun den ofgeholzte Nolebëscher betrëfft, do kënne just Zuele vun deene Fläche geliwwert ginn, fir déi Subsiden ausbezuelt gi sinn. Well e Reboisement awer eng ganz deier Investitioun ass, kann dovun ausgaange ginn, datt fir de Gros vun den ofgeholzte Parzelle Subsiden ugefrot gi sinn.

Wéi aus dem Tableau mat den ausbezuelte Subside fir d'Reboisementer ze gesinn ass, ass vum Joer 2020 un d'Fläch vun den ugeplante Bëscher an och déi ausbezuelte Montante staark an d'Luucht gaang. Dëst ass dorop zeréckzeféieren, datt an den dréchene Summers vum 2018-2020 an 2022 vill Nolebëscher duerch de Borkenkäfer zerstéiert gi sinn an d'Proprietären dës Bëscher erëm ugeplantz hunn. Et ass domat ze rechnen, datt dësen Trend nach e puer Joer unhält, dann awer ofhëlt well ëmmer manner Nolebëscher bei eis bestoe wäerte bliwen.

Joer	Unzuel un Demanden	Fläch (an ha)	Montant
2015	174	n.a.	254 049.39 €
2016	193	n.a.	242 499.23 €
2017	154	n.a.	208 606.40 €
2018	80	n.a.	143 349.12 €
2019	47	n.a.	66 401.24 €
2020	112	125	220 519.63 €
2021	113	157	405 527.90 €
2022	151	220	692 680.43 €
2023	105	181	833 310.73 €
2024	202	340	1 491 670.21 €

An der Reegel gött bei de Reboisementer vu Nolebëscher net op déi natierlech Verjüngung vun de Beem aus dem ale Bestand zeréck gegraff, well deen neie Bësch aus villen un de Klimawandel ugepasste Bamaarte zesumme gesat soll sinn.

Luxembourg, le 5 août 2025

(s.) Serge Wilmes

Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité